ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/08/2022

Rapport vun der Feld- an Bëschwee Kommissioun

Sëtzung vum 21 Abrëll 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥7)	Net present	Observateuren a Experten
Serge ERPELDING (President)	Georges CAMPILL	
Jean HENSEL	Joe HEINZ (entschëllegt)	
Joël HERREN	Marc HOFFMANN	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Carlos MOREIRA CARDOSO (entschëllegt)	
Luc LESCH	Henri NOESEN (entschëllegt)	
Gilles LOSCH	Arlette SCHARTZ (entschëllegt)	
Daniel RIEDEL	Emile SPLICKS (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzlëscht

1. Remarquen zum leschte Rapport
2. Erweiderten Relevé iwwer den Zoustand vun den Gemengeweeër
3. Divers
4. Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 20. Oktober 2021 gouf insgesamt ugeholl.

- Zum Punkt 7, CR112 vum Feldwee laanscht Biischterwiss Richtung Téinten:
  De Serge Erpelding bemierkt, dat et besser ass am Rapport net de Numm vun engem Proprietär ugeet, mee z.B. wéi an dësem Fall d' Haus-Adress Nr 27, rue de Brouch.
  Des weideren ass virgeschloe ginn dat Gemeng Iddien ausschaffen soll fir ee Fouss- a Velo's Wee unzeleeën, den net iwwert d' Strooss geet an den zesummen mat den eenzelen Proprietären, z.B. an engem Meeting, diskutéiert geet fir eng Léisung ze fannen.

Helperknapp, 19/08/2022

- Zum Punkt 4, Huelmeser Strooss vun der Deponie bis zum Kräiz:
  An der Sëtzung ass betount ginn fir dëse Projet jiddefalls weider ze developpéieren, och wann eventuell nei Donnéeën virleien.

Punkt 2 : Erweiderten Relevé iwwert den Zoustand vun de Gemengeweeër

Dës kéier gouf iwwer den Zoustand an d' Benotzung vun d' Weeër am südlechen Deel vun der Gemeng, an zwar am Beräich Bour-Huelmes-Märjendall geschwat. Ouni elo am Detail Aussoen ze maachen, schéngen vill Feld- a Bëschweeër net accessibel ze sinn fir tëschent Bour, Ansebuerg an Märjendall ze circuléieren ouni CR 105 ze benotzen. E genaue Relevé soll fir déi nächst Sëtzung erstallt ginn.

Eng aner Doleance ass den Ëmstand dat et net méiglech ass op kuerzem Wee vun Huelmes op Ansebuerg ze kommen. Well d' Rue du Château fir den Autosverkéier schonn séit laangem gespaart ass, gouf schonn e puer Mol an der Sëtzung d' Fro no enger Alternative gestalt. Doropshin koum den ale Kutsche Wee tëschent der Schmëtte Koll zu Huelmes an Ansebuerg, d' Rue d'Ansembourg an Gespréich.

Punkt 3 : Divers

De Jean Hensel huet drop higewisen dat, bei Stroosse baulechen Moossnamen déi gläichzäiteg op verschiddenen Plazen an der Gemeng stattfannen, d' Accèsen fir d' CGDIS Interventiounen iwwerall mussen assuréiert bléiwen.

Punkt 4 : Nächst Sëtzung

Mir haten keen Termin fir déi nächst Sëtzung festgeluecht. De Serge huet um Telefon proposéiert dës an der éischter Oktober Woch z' organiséieren . **Ech géif dann den Donneschden 6 Oktober proposéieren, wéi ëmmer um 20h an der Koll.**

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/08/2022

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.